38e séance

Mardi 20 juin 2000

Présidence
M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés - N° 4675 *(Vote)*
3. 80e anniversaire de M. Jos Wohlfart, député honoraire
4. Communications
5. Retrait du rôle de la proposition de loi 4557 de M. Carlo Wagner autorisant l'Etat à participer au financement de la dépense effectuée par le Syndicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures provenant de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach (SIGRE) dans le cadre des travaux concernant l'assainissement et l'extension de la décharge Muertendall
6. Ordre du jour
7. Questions avec débat
- Question 9 avec débat de M. Jean Colombera relative à la limitation de l'usage des benzodiazépines
- Question 10 avec débat de M. Jean Colombera relative à la prévention de l'ostéoporose
8. Projet de loi 4522 concernant l'institution d'un comité d'entreprise européen ou d'une procédure dans les entreprises de dimension communautaire et les groupes d'entreprises de dimension communautaire en vue d'informer et de consulter les travailleurs *(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
9. Question urgente 609 de M. Camille Gira relative à la politique d'autorisations dans le cadre de la loi de 1982 sur la protection de l'environnement

   Question 11 avec débat de M. Alex Bodry relative à la protection de la nature
10. Projet de loi 4612 portant modification de certaines dispositions de la loi du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectif *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

(Interruptions)

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Éier, fir déi folgend Proposition de loi hei an der Chamber ze deponéieren:

- *proposition de loi 4676 concernant la liberté d'accès à l'information.*

Et geet drëm, dem Bierger gesetzlech de fräien Zougank zu allen Informatiounen ze garantéieren, Informatiounen, déi beim Stat, bei de Gemengen oder bei parastaatlechen Organismen zur Verfügung stinn. Gläichzäiteg soll an där do Proposition de loi och d'Missioun festgeschriwwe gi vun der öffentlecher Säit, fir vu sech aus all relevant Informatiounen der Öffentlechkeet zougängeg ze maachen.

Här President, ech froen, dass dës Proposition de loi eng Kéier op den Ordre du jour gesat gëtt vun der Chamber, fir dass mer kënnen driwwer diskutéieren.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Alex Bodry, déi sengem Wonsch entspriechend un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt.

Den Här Bausch freet nach d'Wuert zum Ordre du jour.

2. Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés - N° 4675

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech froen d'Wuert zum Ordre du jour fir éischtens eng Modifikatioun hei ze beantragen, an zweetens an engems en Dépôt ze maache vun der